De socio-économeschen Impact vun den Assurances haï zu Lëtzebuerg.

Ongewësshéet fir d'Zukunft an Angscht virum Schicksal begléeden de Mënsch zënter jehiir a stungen somatt och haï zu Lëtzebuerg un der Wéi vun den Assurancen.

Dëss hun sech am Laaf vun de Joeren bemierkenswärt développéiert a spillen haut hir onverkennbar Roll an der wirtschaftlecher Entwécklung vun onsem Land.

Um **wirtschaftleche Plang** ass d'Assurance en iweraus wichtegen Acteur:

1. am private Bereich schützt d'Assurance d'Leit méi wi jé viru Ruin a materiellen Engpäss: ech denken haï un d'Restscholdversécherong bei der Schaafung vun engem Égenhéem, d'Entschiedegung vu Blesséierten bei Stroossenakzidenter oder och nach un d'Ofsécheren vun enger dezenter Existenz am Alter duerch eng Privat-Pensiounsversécherung;
2. oder och bei de Freiberufler, Entreprisen an Handwierksbetrieber, wou z.B. eng Betriebsënnerbriechungsversécherung bei engem Brandschued ganz oft zum Iwerliewen vun der Entreprise beidréit.

Niewt hirer éischter Missioun, souwuel Personen wi materiell Gidder beschtens ofzesécheren, intervenéi'ert d'Assurance och als Investisseur. Dëst ass logesch wann ée bedenkt, dass beträchtlech Geldzommen rentabel ugeluecht musse gin, vir am Fall vun engem Schued di appropriéiert Entschiedegung kënnen auszebezuelen. Di finanziell Mëttel mussen suergfälteg verwalt gin fir zu all Moment de noutwendege Réckhalt ze hun, wann ët héescht, dem Versécherten eng langzäiteg Invalide-Rent oder eng liewenslänglech Altersrent ze bezuelen.

Den Assurance-Secteur huet zënter dem Zwéete Weltkrich konstant zu déem Wuelstand bäigedroen, vun déem mir haut allegueren profitéi'ren. De Secteur génériéi'ert haut 2% vum PIB an och 2% vun de Steier-Recetten, waat méi wi 150 Milio'nen Euro ausméecht. Eleng am Liewensversécherungsberäich verwalten d'Assurancen eng 30 Milliarden un Aktiva vir hier Versécherten.

Um **soziale Plang** ass den Assurance-Secteur eng regelrecht Pépinière vun de verschiddenartegste Beruffer : nët nëmmen Leit mat engem groussen Allgemeng-Wëssen, mée och technesch Expert'en, Juristen, Versécherungsmathematiker, Finanz-Analysten, Informatiker an medizinesch Beroder gin permanent gebraucht. An dëst wärt an Zukunft eischter zouhuelen !

Haut gin ët nët manner wi 92 Assurance-Gesellschaften haï zu Lëtzebuerg, di all zesummen ëppes méi wi 3.000 Leit beschäftegen. Et siew och ënnerstrach, dass am ganze Land ongeféier 7.000 Haapt- a Nieweberuflech Versécherungsagenten hir

Servicer rondrëm d'Auer ubidden an hiirt zur positiver Entwécklung vum Secteur bäistaïeren.

An zu gudder Läscht soll nach signaléiert gin, dass den Assurance-Secteur seng Responsabilitéit um **alternativ-socio-ékonomësche Plang** iwert d'Micro-Assurance éescht hëlt. Och wann hien eng gällech Activitéit an Europa an an de staark industrialiséierte Länner ëntwéckelt, sou suivéiert den Assurance-Secteur ower och déi Länner, déi no uewe striewen. Hien ënnerstëtzt dëss iwert de Wée vun der Kooperatioun a bidd hinnen somatt di noutwendeg Méiglechkéeten, en éegenen Assurance-Secteur op d'Béen ze sätzen.

Och wann de Grondgedanke vun der Assurance d'Virsuerg an d'Anticipatio'n vu Risiken ass, sou situéiert sie séch dach ower duerch dëss draï Dimensio'nen am Käersték vun enger nohalteger Entwécklung.